

# Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire *asbl*



Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)  
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)  
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: [www.flmp-ivv.lu](http://www.flmp-ivv.lu) · e-Mail: [flmp@pt.lu](mailto:flmp@pt.lu) · GSM: 691 302 687

Ref: FLMP-2011-235

Dikrich, den 3.Juli 2011

## NEWSLETTER Nr 2 / 2011

### SEKRETARIAT F.L.M.P.

Wéi dir wësst, funktionéiert zënter dem 1.Juli 2011 eist Sekretariat mat enger Sekretärin mat Vollzäitbeschäftigung. Den C.A. huet a elo folgend Zäiten festgeluecht, wou de Büro besat ass:

**Méindes, Mëttwochs a Freides vun  
09.00 bis 12.00 Auer a vun  
13.00 bis 17.00 Auer.**

Déi aner Deeg kënnst dir och am Sekretariat passéieren, dëst awer dann nëmmen, wann Dir Iech virdrun ugemellt huet.

Hei nach eng Kéier **d'Adress vun eisem Büro:**

**124, rue Clairefontaine  
L- 9221 DIEKIRCH  
Tél. 691 30 26 87  
Fax. 80 22 64  
Email: [flmp@pt.lu](mailto:flmp@pt.lu)**

Eis **Postadress** bleift déi selwecht an zwar:

**F.L.M.P.  
B.P. 56  
L- 9201 DIEKIRCH**

Mir géifen Iech bieden, dës Bürosstonnen ze respektéieren a soen am virus villmools Merci.

## KANNER VU 14 JOER ODER MANNER UM START RICHTEG OPSCHREIWEN

D'Startkaarte fir Kanner vu 14 Joer oder manner sinn a Lëtzebuerg gratis. D'FLMP-Veräiner kréie vun der Federatioun extra Startkaarte geliwwert (iwwregens och fir näischt)!

Et ginn 2 Méiglechkeeten, fir déi Kanner (Young Walkers) richteg opzeschreiwen:

### **Beispill 1:**

<b>Veräin:</b>	<b>Erwuessener:</b>	<b>Kanner:</b>	<b>Total:</b>
Bascharage	25	1	26
...	...	...	...
Wiltz	13	3	16
Grand Total:	...	...	...

Beim Beispill 1 kritt also de Veräin 1 Stréch pro ERWUESSENEN an 1 Stréch pro KAND; den Total ass liicht auszerechnen.

### **Beispill 2:**

**Veräin:**      **Participanten:**

Bascharage	26
...	...
Wiltz	16

Grand Total: ...  
dovun: 4 Kanner

Beim Beispill 2 kritt all PARTICIPANT (egal op Erwuessenen oder Kand) 1 Stréch, an ënnen op der Lëscht kritt all KAND en ZOUSÄTZLECHE Stréch.

Dësen Total freet d'Federatioun fir statistesch Zwecker.

Informéiert w.e.gl. déi Leit, déi um Start sëtzen, wéi si d'Kanner richteg opschreiwe sollen.

P.S.: Et ass NET RICHTEG, wann een am Beispill 2 just fir déi Erwuessen 1 Stréch fir de Veräin mécht, an ënnen op der Lëscht ee Stréch bei d'Kanner.

D'Federatioun freet nom Total vun de Participanten an DOVUNNER xxx Kanner!

## HYGIÈNE

Op Wonsch vum Gesondheitsministère wëlle mir nach eng Kéier all d'Veräiner drun erënneren, ganz besonnesch d'Reglementer betreffend d'Hygiène bei Liewensmëttel an Iesswueren ze respektéieren. Deementspriedend Informatiounen fann Dir an eisem Précis, Kapitel 10.

**Mat sportleche Gréiss**

**De Verwaltungsrot vun der F.L.M.P.**